N°2178
Entrée le 02.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.04.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 2. Abrëll 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un Här Sportminister weiderzeleeden:

*„Den Här Sportminister huet e Samschden, den 29.03.25 am Kader vum COSL-Kongress nieft dem Ëmzuch vun der Maison des Sports op d'Cloche d'Or och d'Noutwennegkeet vun engem Ausbau vun der Coque ugeschwat, wëll ëmmer méi Ufroe vun de Verbänn kommen, fir d'Infrastrukture vun der Coque kennen ze notzen.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Sportminister follgend Froe stellen:*

- *Huet de Sportminister eng Erweiderung vun de Sportinfrastrukturen an der Coque geplangt?*
- *Gëtt et schonn ee konkret Konzept fir dës Erweiderung?*
- *Wéi een Deel soll erweidert ginn?*
- *Fir wéini wier dësen Ausbau virgesinn?*
- *Géing et bäi enger renger Sportinfrastruktur bleiwen oder wier eng Sport- a Kulturinfrastruktur geplangt? "*

Mat déiwem Respekt,

Carole HARTMANN
Deputéiert

Mandy MINELLA
Deputéiert